D'Formatioun vun de Chef/tainen

D'Formatioun fir Chef/taine ze gi fänkt bei de Lëtzebuerger Guiden a Scouten ëmmer schon do un, wou een als Kand oder Jugendlechen an e Grupp opgeholl gët.

Déi dem Alter ugepasste Matbestëmmung, déi perséinlech Progressioun an d'Unhuele vu Verantwortung an der Sizaine, Patrull, Equipe an am Clan sin éischt Viraussetzunge fir spéider selwer e Grupp ze animéieren an Erzéiungsaarbecht ze leeschten.

Erwaardunge vun eise Chef a Cheftainen

***** Fir de Baden Powell soll de Scoutissem/Guidissem de Kanner a Jugendleche Spiller an Aktivitéiten ubidden, duurch déi si séch selwer als Mënsch kënnen entfalen a Goût um Asaz fir déi aner sollte kréien.

Dat setzt viraus, datt een op d'Wënsch an d'Intresse vun de Guiden a Scoute lauschtert.

***** Och d'Formatioun vu Chef/tainë geet vun den Erfarongen, dem Wëssen, de Wënsch a Befiirchtunge vun de Chef/tainen aus. ("ask the boy / girl")

***** Op Grond vu sénger Roll als Chef/taine erwaart de Stagiär ganz oft vun de Formatiounen

- Respekt an Unerkennung fir säin Engagement als Ennerstëtzung fir säi Selbstbewosstsin.
- Hie sicht virun allem am Ufank no Animatiouns- an Aktivitéitsmodellen.
- Duerno striewe Chef/tainen éischter d'Verbessere vun hirem Féierungsstil un a wéi se nei Methoden uwende kënnen. Nei Themeberäicher intresséieren se.
- E bëssen Onsécherheet bréngen eng Rei Leit mat op d'Formatioun, well se eng Zäit an engem neie Grupp verbréngen, oder well all Formatioun ëmmer och eng kritesch Reflexioun iwwer déi eege Praxis as.

Beräicher vun der Formatioun

* Perséinlecht Léieren

All Chef/taine as fir d'éischt emol selwer fir séng Formatioun verantwortlech.

Villes léiert hien/hatt fir séng Chefcharge duerch séng egen Erfarongen, duerch d'Diskutéieren, d'Liese vu Bicher an Zäitschrëften...

* Léieren am Grupp a Grupperot

E/ng Chef/taine léiert nom Prinzip vum "learning by doing", virun allem duurch d'Praxis an engem Scouts/Guidegrupp an d'Reflexioun dovunner. Dës Reflexioun geschitt an der Maîtrise an am Grupperot.

Esou kann d'Formatioun vum/vun der Chef/taine kontinuéierlech an op déi konkret Besoin-ë vum Grupp a vum/vun der Chef/taine ugepasst gin.

Hei hun d'/den Unitéitschef/taine an d'/de Gruppechef/taine eng wichteg Aufgab.

* Formatiounsstagen

Och um Niveau vum Verband gët Formatioun ugebueden, fir deen Eenzelnen an de Grupp ze ënnerstëtze bei der Vermëttlung vun Ziler, Inhalter, Methoden an Technike vun Animatioun an Erzéiung bei de Lëtzebuerger Guiden a Scouten

Déi eenzel Stagë sollen dem Bedelegten en Erliefnës erméiglechen, wat en zu sénger Charge als Chef/taine motivéiert.

Si garantéieren en Austausch vun Iddien an Erfarungen iwwer déi lokal Gruppen eraus. Et léiert een nei Leit kennen; an dës Kontakter sin och nach nom Stage wäertvoll an dacks och ganz lieweg. Dozou gehéiert och de Kontakt mam Branchecommissaire a mat der Branchenéquipe.

Den ideale Stagiär

Et hänkt vill vun dem eenzelne Chef of, wéivill hie vun engem Formatiounsstage profitéiert. Hei ziele mer e puer Viraussetzungen op, déi e Stage zu engem perséinlechen Erfolleg kënne maachen:

*** Op sin an aktiv matmaachen:** ganz an der Atmosphär vum Grupp opgoën, d'Aktivitéiten intensiv erliewen a matgestalten, sech op déi verschidden Themen, och op nei an onbekannt Saachen, aloossen.

*** Tolerant a kritesch sin:** Nët alles wat um Formatiounsstage presentéiert gët as déi eenzeg an absolut Wourécht, an et kann och nët alles esou einfach an der egener Unitéit nogemaach gin. Hei as kritesche Geescht gefrot, awer och Toleranz fir aner Menungen an Erfarungen als dat unzehuelen.

*** Positiv denken:** Ganz entschedend as de Wëllen, eppes bäizeléieren. Wie seet, e wéisst scho bal alles, iwwerschätzt sech selwer, oder en huet recht; an dësem leschte Fall as hien um Formatiounsstage op där richteger Plaz, well en da vill zum Wëssens- an Erfarungsaustausch ka bäidroen.

Strukture vun der Formatioun

D'Formatioun bei den LGS ëmfaasst:

- d'Formatioun fir Chef/tainen an de Branchen
Et gët en 1. Ziklus fir Assistenten (STIP) an en 2. Ziklus fir Branchechef/tainen (STAP).

- d'Formatioun fir "Erwuessener"

- d'Formatioun vun de Gruppechef/tainen (GC) a Gruppechef/tainen-Adjoint(e)s

- d'Formatioun fir "Animateurs spirituels"(AS)

~~- d'Formatioun fir Chef/tainen, déi mat Behënnerte schaffen~~

- den 3. Ziklus: Woodbadge a Formatioun fir Formateuren

- de Recyclage

STIP = Stage d'initiation pratique

STAP = Stage d'approfondissement pédagogique

Den Opbau an d'Organisatioun vun dene verschiddene Formatioune as an de Reglementer festgeluegt (Kuck am LGS-Dossier N° 3: Statuten & Reglementer).

Am LGS-Dossier N° 4: Administratives fënnt een en Iwwerbléck iwwer d'Formatioun, Erklärungen iwwer de Recyclage grad ewéi d'Formulaire fir d'Umeldung an d'Ernennung.

Ziler vun der Formatioun

1. Ziklus: Formatioun fir Assistenten

De jonke Chef/taine soll:

a) sech a séng Fähegkete wéi Grenze besser kenne léieren;

b) sech de Wäerter bewosst gin, un denen e säi Liewen orientéiert;
sech vis-à-vis vu Gott a vu Jesus Christus situéiere kënnen;

c) d'Ziler vun den LGS kennen;
d'Method vun der Branche kennen;
déi programmatesch Schwéierpunkte vum Verband (Ökologie, Friddenserzéiung, Développe- ment communautaire, Spritualitéit.....) kennen;

d) Animatiounstechnike kennen, z.B. e Spill, eng Veillée, en Atelier kënne plangen an duerch- zéien;
Guiden/Scoutstechnike kennen.

e) e Clan, eng Trupp, e Ruddel oder eng Famill während enger Aktivitéit beglede kënnen;
léieren op Kanner a Jugendlech anzegoen;
déi Haaptcharakteristike vum Kanner- a Jugendalter kennen;

f) eng Versammlung hale kënnen;
e "Projet" plangen an duerchzéie kënnen;

g) séng Verantwortung als Chef/taine kennen;
an engem Team matschaffe kënnen.

2. Ziklus: Formatioun fir Branchechef/tainen

D'/De Chef/taine

a) kann Distanz zu séngem Behuele kréien an et aschätzen; kennt d'Charakteristike vun de Kanner, Jugendlechen a jonken Erwuessenen.

b) ka séng Wäerter virliewen an d'Wäerter vun den LGS vermëttelen;
kann eng reléis Aktivitéit plangen an duerchzéien.....

c) kennt déi pädagogesch a psychologesch Grënn vun der Branchemethod;
kann Ziler vum Scoutissem/Guidissem kritesch reflektéieren an erklären.

d) huet eng perséinleche Dokumentatioun vu Spiller an Techniken.....

e) kennt déi elementar Regele vun der Dynamik vun engem Grupp;
kann eng Branchenunitéit leden;
kann d'Progressioun vun sénger Unitéit aschätzen.....;
kann déi eenzel Guiden a Scouten an hirem perséinleche Fortschrëtt encouragéieren, suivéieren a bewosst maachen.

f) kann e Camp plangen an duerchféieren;
kann e Joresprogramm plangen an duerchzéien.....

g) kennt séng Verantwortung als Branchechef/taine;
kann en Team iwwer länger Zäit leden.

D'Formatioun ofschléissen

Normalerweis gët e Formatiounsziklus mat der entspriechender Ernennung ofgeschloss. Bei ville Stagiäre kënnt et nët sou wäit.

* Et as normal, datt Jugendlecher a jonk Erwuessener eppes wëllen ausprobéieren, an dann opgi wann et hinnen nët genuch zouseet.

* Anerer leë vläicht nët vill Wäert op eng Ernennung. Et kann een hinne soen, datt hir Ernennung awer fir d'Unitéit a fir de Grupp ka wichteg gin.

* Vläicht sin et och nëmmen d'Formalitéite vum praktesche Stage, woumat deen een oder aneren nët eens gët. Eng kleng Hëllef vum / vun der Branchechef/taine oder Gruppechef/taine as da wëllkomm.

* Wien nët sécher as, wat en nach muss maache fir séng Ernennung, soll nët zécke fir dem Branchecommissaire unzeruffen.

* Spéitstens 2 Joer nom Ufank vun der Formatioun soll d'Ernennung ugefrot sin, soss kritt ee spéider deen Deel, dien ee scho gemaach huet, nët ugerechent.

* All Ernennung an Erneierung vun der Ernennung muss um Formulaire N° 2 ugefrot gin.